

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

### Sommaire

6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011 (suite)

- Exposé de M. Luc Frieden, Ministre des Finances

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État; Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf et Nicolas Schmit, Mme Octavie Modert, M. Marco Schank, Mme Françoise Hetto-Gaasch et M. Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Mir héieren dann elo den Exposé vum Här Finanzminister Luc Frieden iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2011. Den Här Finanzminister Luc Frieden huet d'Wuert.

### 6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011 (suite)

Exposé de M. Luc Frieden, Ministre des Finances

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, d'Finanzpolitik ass e bëssen de Motor vun der ekonomescher a sozialer Entwécklung vun engem Land. Duerfir ass et gutt, datt dëst Joer esou extra vill iwwert d'Finanzpolitik an eisem Land geschwat ginn ass. Méi wéi soss ass iwwer Steierpolitik, Ausgabeprioritéiten, Spuerprogramm net nëmmen heibannen, mä am ganze Land geschwat ginn.

Ech hoffen, datt dës Budgetdebatten e bëssen den demokrateschen Ofschloss oder den demokratische Volet vun där Debatt iwwert d'Choix fir 2011 sinn, déi vun der Regierung gemaach gi sinn, datt déi hei demokratesch Kommentéierung fannen, datt och iwwer méiglech Alternative kann diskutéiert ginn, mä ech hoffen och, datt et eng Plaz ass, wou net nëmmen iwwer 2011 diskutéiert gëtt, datt mer och hei eng Debatt kënnen driwwer féieren, wéi mer dann d'Finanzpolitik iwwert déi nächst Jore gesinn.

Fir d'Regierung ass a bleift d'Zil: zolidd Statsfinanzen. An dat verlaangt an dësen Zäiten, mä och an aneren Zäiten, eng strikt Budgetdisziplin, nämlech déi, datt d'Ausgaben an d'Einnahmen an engem gewëssen Équiliber stinn.

Ech géif gär den Budgetsrapporteur, dem honorabelen Här Alex Bodry, Merci soe fir säi konstruktiven, villsäitege Rapport, fir déi vill Froen, Analysen, déi e gemaach huet an der Finanzkommissioun an déi gëschter hei op eng résuméiert Aart a Weis virkomm sinn. Ech mengen, och si beräicheren dës Debatt, déi mer muer féieren, mä déi muer och op kee Fall kann eriwwe sinn.

Duerfir war och sécherlech all de Kolleegen aus der Finanz- a Budgetkommissioun ënnert dem President Michel Wolter hir Aarbecht wäertvoll, esou wéi se och déi Jore virdru wäertvoll war. Well kee Budget kann een eleng an engem Joer gesinn. É Budget muss sech ëmmer an engem mëttel- a laangfristeg Perspektiv areien, an duerfir sinn och déi Rapporten, déi gemaach ginn zum Budget, ni nëmmen eng Momentopnahm, mä ginn Denkestéiss och fir déi nächst Joren.

Ech ka mat bal allem, fir net ze soen allem vun deem, wat am schrëftleche Rapport vun der Budgets- a Finanzkommissioun steet, averstane sinn. Ech mengen, et sinn eng ganz Rei Punkten dran, déi weider Aarbecht verlaangen.

Dës Budget, an och dat huet den Här Bodry gëschter hei gesot, ass gemaach ginn an enger ganz onsécherer Zäit. Eng Zäit, déi onsécher ass an der Welt a virun allem an Europa. An an enger oppener Economie wéi eiser huet dat natierlech direkt, a méi wéi op anere Plazen, en Impakt.

Am Fong gesäit een, wann een d'Situatioun haut kuckt, zwee Phenomeener an Europa. Engersäits geet et ekonomesches nees liicht biergop - dat gesäit ee souguer bei der interner Demande an enger Rei Länner, wéi gedriwwen duerch d'Exporter-, an anerersäits gesäit een awer e groussen Duercherneen op de Finanzmäert, virun allem um Marché vun de staatlechen Obligatiounen, de Statsemprunten.

Et ass also en ënnerschiedlecht Bild, wat sech do presentéiert. An dat ass en enormen Défi fir d'Politik. Well wann ee positiv gesäit, datt d'Economie wüsst, mä den Duercherneen op de Finanzmäert, deen duerch Statsdefiziter a Statsemprunte produzéiert gëtt, da kritt een net déi noutwendeg Rou, fir eng Wuesstumspolitik an Europa ze gestalten.

D'Hauptprioritéit duerfir ass och an dësen Deeg fir d'europäesch Finanzpolitik, Berouegung op de Finanzmäert erbäizezéien. Wann een déi fundamental ekonomesch Staten an Europa kuckt, da gesäit een, datt mer eis tëschent 2010, mä och fir '11 an '12 an enger Forschett vu lichte fragil Wuesstum befannen, deen an Europa tëschent annerhallwem an 2% läit.

Interessant ass awer och ze gesinn, datt dee Räichtum, dee Wuesstum, an domat och fir verschidde Plaze Räichtum, net gläichméisseg an Europa verdeelt ass. Déi Länner, déi e staarken Defizit hunn, déi héich Schold hunn, déi bréngen et net fäerdeg, aus hire strukturelle Schwierigkeiten erauszekommen, an hunn duerfir vill manner héije Wuesstum wéi verschidden aner Länner, an insbesondere Däitschland, déi e staarken Wuesstum hunn. Mir situéieren eis Gott sei Dank no deenen internationale Perspektiven am éischte Peloton, deem vu méi staarkem Wuesstum.

Op där anerer Säit muss eis Suerge maachen an Europa an heiheim déi héich Situatioun vum Chômage: 10% an der Moyenne an der Europäescher Unioun, wat eng beonrouegend Situatioun ass; gradesou wéi den Defizit an Europa, och wann en zréckgeet, net op engem Niveau ass. Dee kann zur Entwarnung Ulass ginn. Dëst Joer hu mer eppes 7% an der Moyenne Defizit an den europäesche Länner. 2012 soll dat zwar op 4, 5% erofgoen, mä dat ass nach vill méi wéi dat, wat mer ofgemaach haten, wéi mer an d'Währungsunioun zesumme mat aneren eragaange sinn. Lëtzebuerg situéiert sech och do Gott sei Dank drënner, an esou muss dat och an den Ae vun der Regierung bleiwen.

En drëtte Phenomeen niewent Chômage, Defizit, Croissance ass d'Schold. D'Schold,

déi an Europa eropgeet an déi och an deenen nächste Jore wäert eropgoen op en Niveau, deen och wäit iwwert deem läit, wat an der europäescher Währungsunioun als Zil gesat gi war, nämlech 60%. A mir wäerten och an zwee Joer bei eppes 80% an der Europäescher Unioun bleiwen.

All déi Phenomeener sinn net kuerzfristeg Phenomeener a sinn och net kuerzfristeg aus der Welt ze schafen. Duerfir bleiwen dat Facteuren, déi zu Onsécherheeten an Europa féieren.

Déi gemeinsam Währung, déi mer viru méi wéi zéng Joer geschafen hunn, verlaangt, datt mer eis och e gemeinsame Budgetskader ginn. Well mir hu jo keng gemeinsam Regierung an Europa, also muss mer eis op d'mannst als national Parlamentar, als national Regierungen, well mer eng gemeinsam Währung hunn, u gewësse gemeinsam Richtlinnen halen.

Dat gëllt awer net nëmme fir de Budgetskader, dat gëllt och fir déi makroekonomesch Aggregater. Et dierfe keng ze grouss makroekonomesch Differenzen tëschent de Länner ginn. Duerfir muss mer kucken, datt mer eis Wirtschaftspolitiken e bësse méi openeen zoubewegen; dat, wat och ënnert dem Wuert „europäesch Wirtschaftsregierung“ - ënner Gänseféischer - bezechent gëtt.

Et ass kloer, d'Eurozon ass an enger schwieriger Phas, mä den Euro päift net aus dem leschte Lach, a mir wäerten och an Zukunft d'Stabilitéit an der Eurozon behalen, well et e ganz staarken, eestëmmege politesche Wëlle vun de Finanzministeren aus der Eurozon gëtt, fir alles ze maachen, datt d'Stabilitéit an der Eurozon bleift. A Lëtzebuerg wäert och do säi Bäitrag weider leeschten. Mir hunn déi Instrumenter en place gesat, déi kënnen kuerzfristeg Iwwerbrückungskreditter u Länner ginn, déi sech un de Marché net méi kënnen finanzéieren.

Europa an och seng Währung bleift fir eis och a schwierigen Zäiten eng Chance. Europa a seng Währung huet eis Stabilitéit a Fridde bruecht. Europa huet eis oppe Mäert a fräi Zirkulatioun vun de Leit, vun de Produkter, vun dem Kapital bruecht. A grad engem Land wéi eisem huet et, an dat soll een och net vergiessen a schwéiere Momenter, enorme Wuelstand bruecht, well nimools hätte mer eise Stol, eis Medien an eis Finanzdängschtleeschungen kënnen exportéieren, wa mer Europa net mat op d'Bee gesat hätten.

Den Euro huet eis och an deene leschte Jore geholf, net nëmmen eng enorm staark Präisstabilitéit ze assuréieren, déi mer ni virdrun haten, mä en huet och évitéiert, datt et während der Kris zu Ofwärtung vun nationale Währungen komm ass, déi zu engem Kampf tëschent de Länner gefouert hätten, wou een net weess, wie leschten Enns gewonnen hätt, mä et wäeren der vill, déi verluer hätten.

Also muss mer weider un deem Europa schaffen. Mä de budgetäre Problem an der Eurozon ass virun allem och dohier komm, datt eng Rei Länner an deene gudde Joren net dat gemaach hunn, wat am Fong ofgemaach war, nämlech datt an deene gudde Joren - esou wéi mir dat iwwergens zu Lëtzebuerg gemaach hunn - Suen op d'Säit gesat gi sinn, fir an deene schlechte Jore kënnen dann ze intervenéieren a kënnen antizyklesch Politiken, dat heescht Konjunkturprogrammer, ze finanzéieren.

D'Längt an d'Heftegkeet vun der ekonomescher Kris huet verschidde Budgeten an Europa esou strapazéiert, datt et elo net méi fonctionnéiert. Déi Schold ass a ville Länner einfach ze héich. A mir mussen derfir suergen, mir mussen deene Länner imposéieren, datt déi Schold muss erofgoen. Well leschten Enns ass dat fir eis alleguerten absolut wichteg fir d'Stabilitéit vun der Eurozon a vun hire Memberstaten.

Duerfir huet Lëtzebuerg all déi Bestriewungen ënnerstëtzt, fir de Stabilitéits- a Wuesstumspakt méi streng ze maachen, net a senger Kritären, mä a sengem Warn-

system, virun allem am preventiven Deel, éier et esou wäit kënnt, datt do orange Luuchten ugi mat Strofen, wann d'Länner sech net op dem Pad vu gesonde Statsfinanze bewegen.

D'Spuerprogrammer, déi an Europa gemaach gi sinn, sinn noutwendeg, fir d'Defiziter a virun allem d'Scholden ze reduzéieren. Dat ass net einfach a kengem Land. Mä nach eng Kéier: Wa mer dat net maachen, gesi mer, wou dat hiféiert. Well déi Länner kréien net méi Vertraue geschenkt a kënnen sech dann net méi zu engem räsonnablen Taux op de Marché finanzéieren.

D'Kris bei de Banke war eng Vertrauenskrise. D'Kris haut bei der Statsschold ass och largement eng Vertrauenskrise, well d'Mäert enger Rei vu Länner aus der Eurozon net trauen. Obschonn datt mir d'Instrumenter an der Plaz hunn, fir kënnen temporär ze hëllefen, a grad well mer déi temporär Instrumenter amplaz hunn, müssen déi Länner doheem hiren Defizit an hir Schold op eng kredibel Aart a Weis iwwert déi nächst zwee, dräi Joer reduzéieren.

D'Hëllefen, déi mir deenen anere Länner och an deem Kontext ginn, si sécherlech en Ausdrock vun europäescher Solidaritéit, mä net nëmmen. Si sinn och enorm wichtig, fir heiheim d'Stabilitéit an der Eurozon, an där mir sinn, ze halen. Mir maache keng Cadeauen. Mir léine Suen, fir aneren ze hëllefen, hir Budgetspolitik erëm an Uerdnung ze bréngen, fir iwwergangsméisseg Léisungen ze fannen, déi och an eisem Intérêt sinn.

Bei Griichenland hate mer nach keen Instrument, fir europäesch ze intervenéieren. Duerfir hu mer, wéi Der wësst, bilateral Hëllefen op eng koordinéiert Aart a Weis gemaach. Bilateral Prëten, déi gepoolt ginn, a Lëtzebuerg mécht maximal e Prêt vun 206 Milliounen Euro an e puer Tranchen u Griichenland.

Bis elo huet Lëtzebuerg 55 Milliounen Euro u Griichenland geléint. Déi Prëten, déi si verbonne mat zwou Konditiounen: engersäits, datt déi Länner müssen e kredibele Spuerprogramm duerchzéien; an anerersäits müssen déi Prëten och, esou wéi dat och beim Internationale Währungsfond ass, rémunéréiert ginn. Griichenland huet bis elo u Kommisssiounen an Zënse dem Lëtzebuerger Stat 770.000 Euro iwwerwisen. Och de Prêt selwer muss um Enn vun der Lafzäit zréckbezuelen ginn.

Bei Irland ass d'Situatioun och ganz schwierig, quité datt se e bëssen anescht ass wéi déi griichesche Situatioun, well an Irland huet een e Budgetproblem, dee kombinéiert ass mat engem Problem am Bankesektor. Fir Irland zäitweilleg entgéintzekommen, hu mer an Zwëschenzäit en europäescht Instrument: déi zu Lëtzebuerg baséiert Gesellschaft EFSF, „European Financial Stability Facility“. A mir hunn d'Hëllefe vum Internationale Währungsfond.

Irland kritt 67 Milliarden Euro vun der internationaler Communautéit geléint. Duvunner komme 17 Milliarden aus där Struktur EFSF, wou all Stat, och Lëtzebuerg, eng Garantie ginn huet. An d'Lëtzebuerger Garantie beleeft sech fir Irland op e Maximum vu 50 Milliounen Euro. Mä déi Garantie spillt nëmmen dann, wann Irland Sue vun där Gesellschaft geléint kritt an déi Suen net méi kéint zréckbezuelen. Et ass also do kee Cash, wat zirkuléiert tëschent eisem Budget an där Gesellschaft oder Irland. Dat géif eréischt geschéien, wann Irland net à même wär, seng Prëten zréckbezuelen.

Griichenland an Irland fale loossen, hätt deen nämlechten Effet gehat wéi deemools am Bankesektor virun zwee Joer bei „Lehman Brothers“. D'Fro war gestallt ginn, ob och aner Länner op eemol an déi Situatioun géife kommen. An duerfir war dat fir eis ni weder eng politesch nach eng ekonomesch Optioun.

D'Interdependenz tëschent de Länner ass haut enorm grouss, an duerfir muss een och ëmmer kucken, wéi dann déi Fluxen





ënnert den europäesche Länner an hire Finanzinstitute sinn, well domadder hânt d'Gesamtstabilität vun der Finanz- a Währungszon zesummen.

D'Lëtzebuurger Finanzplaz huet iwwerengs ganz wéineg Engagementer a Griichenland an an Irland, esou datt zu kengem Moment déi Zommen d'Stabilitéit vu Lëtzebuerg a senger Finanzplaz, och bei engem Netremboursement, a Fro gestallt hätten. Mä dat Systematescht fir déi ganz Eurozon dierf een net ënnerschätzen, an duerfir maache mer mat bei deenen europäesche Programmer, fir deene Länner ze hëllefen.

Duerfir hu mer och bei systemesche Banken an de Joren 2008 an duerno intervenéiert. An dat huet zum Erfolleg gefouert. Déi Operationen lafen och haut nach weider. Déi Operationen, déi mer 2008 ugefaangen hunn. Ech wëll duerfir der Chamber soen, datt mer fir déi Participatioun, déi mer un der Bank BGL BNP Paribas geholl hunn, bis haut, zënter Enn 2008, also an de Joren '09 an '10, 182 Milliounen Euro Zënse an Dividende kritt hunn.

Bei der Dexia wësst Der, datt mer Garantie ginn hunn, fir wann déi Bank sech um internationale Marché refinanzéiere geet. Déi Garantie kënnen elo net méi nei geholl ginn zënter Oktober vun dësem Joer, mä et sinn nach eng Rei al Garantien, déi nach een, zwee Joer weiderlafen an dann auslafen. Och déi Garantie mussen rémunéréiert ginn. A vun der Dexia huet de Lëtzebuurger Stat bis elo 25,5 Milliounen Euro kritt.

Dat heescht, zesummen hu mer iwwer 200 Milliounen Euro Einnahmen aus deene Banken-Ënnerstützungsmoosname kritt. Déi Einnahmen, huet d'Regierung decidéiert, datt déi net an de Statsbudget ginn, mä lafen natierlech duerch de Statsbudget, mä direkt un de Fonds de la dette. Well mer déi Suen als exceptionnel Recette wëllen och fir exceptionnel Dépenses op d'Säit setzen - dat ass wichteg; mir sinn eent vun de rare Länner, wat iwwerhaupt e Fonds de la dette huet -, fir eis eng Mouk ze maachen, fir le moment venu d'Schold zrëckzebezuelen.

Och do misst de Moment venu déi Recette kommen, déi aus der Vente vun eiser Participatioun an där Bank géif kommen. Déi steet fir de Moment net um Ordre du jour. Mä et bleift d'Intentioun vun der Regierung, wann d'Finanzmäer sech bis berouegt hunn, wann d'Restrukturatioun vun deem Bankeninstitut fäerdeg ass, am Prinzip virun 2014 och déi Participatioun ze verkafen an déi Suen, déi do erëmmen kommen, dann och ze gebrauchen, fir déi duerfir opgehollte Statsschold zrëckzebezuelen.

D'fundamental Bedéngung fir eng normal wirtschaftlech Entwécklung an der Europäescher Unioun, an der Eurozon insbesondere, sinn zolidd öffentlech Finanzen an eng stabil Währung mat engem niddregen Zënssaz. Mir mussen - ech hunn et gesot - déi Scholden erofkréien, d'Defiziter reduzéieren. A mir sollten évitéieren, datt aner Länner an och mir selwer jee an eng Situatioun komme wéi déi vu Griichenland a vun Irland.

Besounesch Irland ass aus enger lëtzebuergescher Perspektiv wéinst enger Rei vun Ähnlechkeeten, déi mer mat deem Land hunn, mat senger ekonomescher Struktur, e Fall, deen ee sollt am Detail studéieren. Net alles ass d'nämlecht hei wéi an Irland, mä eng Rei Phenomeener hätt ee sech och an Irland virun e puer Joer kaum kënne virstellen.

A well ee vun deem aneren an Europa ofhânt a well mer iwwerhaupt keng aner Alternativ hunn, ass et och noutwendeg, datt een deem aneren iwwert d'Schëller kuckt an datt mir mat d'Budgetpolitik vun deenen anere Länner kucken.

Mir mussen dat natierlech och ëmgedrëit akzeptéieren. Mir kucken, wat a Griichenland, an Irland an anere Länner geschitt, a mir mussen deenen och mat soen, wat ze geschéien huet, well et ass an eiselem Intérêt. Duerfir mussen mer och oppe sinn, wat am EU-Ausland iwwer eist Land gesot gëtt, well och mir hunn eng europäesch Responsabilitéit.

Duerfir mussen mer d'Maastricht-Kritäre respektéieren. Mä ech soen lech, och

wann et déi Maastricht-Kritären net géif ginn, misste mer eis nach ähnlech Kritäre ginn, well si sinn am Fong de Bon sens vun all gudder Budgetpolitik. Ech soen lech awer, datt ech der Meenung sinn, datt déi Kritäre fir Lëtzebuerg vill ze vill large sinn. Déi Kritäre si vläicht och fir aner Länner an der Eurozon ze large. Si sinn nun eemol do. Mä et wier net gutt, wa Lëtzebuerg géif mengen, mir kéinte bis zu engem Defizit vun 3% a bis zu enger Schold vu 60% goen. Dat si Kritären, déi deemools als e Kompromëss fonnt gi sinn, mä éischter fir eng maximal Festsetzung an net als en Zil, wat ee kann oder soll erreechen.

Mir mussen eis also méi an eng europäesch Logik eraginn, wa mer de Budget opstellen, mä och wann aner eise Budget an eis Economie kommentéieren. Duerfir begreissen ech am Fong, datt mer d'nächst Joer an deem sougenannten „europäesche Semester“ sinn. Wat heescht dat? Wat heescht dat fir Lëtzebuerg?

Ech mengen net, datt dat eng fundamental Ännerung vun eiser Budgetprozedur mat sech zitt. Mä et bréngt eng Verbesserung. Mir mussen déi am Detail an der Regierung a mat der Chamber diskutéieren. Ech mengen, déi fundamentaaltsten Ännerung läit net doran, ob ee muss d'Reglement vun der Chamber änneren oder net - ech mengen éischter net -, mä wat et mat sech zitt: datt mer héchstwahrscheinlech zwee- bis dräimol am Joer an der Chamber eng Budgetsdebatt musse kréien.

Eemol esou ëm Mäerz-Aprëll, wa mer eis Perspektiven an eis grouss Linne fir de Budget 2012, '13, '14 fäerdeg maachen an un d'Europäesch Unioun bei déi aner Kollege schécken. Ech mengen, do wier et gutt, wa mer eng Debatt an der Chamber hätten, an enger Form, déi muss mat der Chamber nach diskutéiert ginn. Virum Summer kënnt dann eng Bewäertung vun de grouss Parametere duerch d'Eurozon an duerch d'Europäesch Kommissioun. Och doriwwer mussen mer dann héchstwahrscheinlech an der Finanzkommissioun diskutéieren. Mä de Budget wäert och an Zukunft vun der Regierung am Hierscht gemaach ginn a muss am Dezember zur Ofstëmmung kommen.

Inhaltlech kënnt méi Ännerung wéi prozedural. Prozedural kënnt d'Ännerung, datt ech mer wënschen, datt mer méi oft heibannen eng finanzpolitesch Debatt kréien. Prozedural gëtt de Budget och an Zukunft am Hierscht gemaach, mä nodeem mer schonn d'Recommandatiounen vun Europa hunn, déi mer bis haut net haten. Mä et geet dobäi net nëmmen ëm d'Budgetpolitik. D'Budgetpolitik ass zwar dee Voleit, dee mech als Finanzminister am meeschten interesséiert, a menger Funktioun als Finanzminister. Mä déi aner Voleite mussen eis alleguerten an interesséieren. An dat ass, datt mer déi makroekonomesch Ongläichgewichter musse mat kucken, déi an Europa bestinn.

Den Här Bodry huet geschter zu Recht d'Ziler vun der Reformagenda 2020 rapeléiert. Den Här Bodry huet geschwat vun enger europäescher Wirtschaftsregierung. Mä europäesch Wirtschaftsregierung - wat en Term ass, dee mer am Fong net ganz gefällt, mä deen, esou wéi en et och selwer geschter erkläert huet, eng Koordinatioun vun de Wirtschaftspolitiken ass - heescht och, datt mer musse méi wéi an der Vergaangenheet nolauschten a matdiskutéieren, wat iwwer eist Land gesot gëtt.

Duerfir wëll ech hei nach eng Kéier rappeléieren, wat fir dëst Joer an deem Exercice gesot ginn ass, an engem Brëif, deen d'Finanzministere vun der Eurozon der Lëtzebuurger Regierung geschéckt hunn an dee vum Vizepräsident vun der Eurogrupp, dem belsche Finanzminister Didier Reynders, ënnerschriwwen ginn ass. E Brëif, deen ech un d'Finanzkommissioun vun der Chamber geschéckt hunn, e Brëif, dee bis elo zu kenger gréisserer Debatt hei am Land an och net am Parlament gefouert huet an deen awer noutwendeg ass, datt mer doriwwer diskutéieren. Well deen Exercice, et ass genau deen Exercice, dee mer d'nächst Joer mussen och féieren, wa mer de Budget opstellen.

Deen Exercice, deen heescht - fir lech dat eng Kéier a sengem offiziellen Titel ze soen, fir lech och kënnen eng Iddi ze maa-

chen, wat den europäesche Semester dann ass - „surveillance of macroeconomic imbalances and competitiveness divergences within the euro area“. Dat gëtt an Zukunft fir all Land gemaach, an doraus muss een da seng politesch Konklusiounen an Debatte bezéien.

An deem Brëif steet, datt Lëtzebuerg kuerzfristeg keng gréisser Problemer huet, mä datt mer mëttel- a laangfristeg eng Rei Reforme recommandéiert kréien. D'Eurogrupp-Ministere sinn der Meenung, datt Lëtzebuerg muss de Verloscht vu senger Käschtekompetitivitéit redresséieren. Duerfir proposéieren d'Finanzministere vun der Eurozon eng Suspensioun vun dem Indexmechanismus an eng méi dezentral, flexibel Gestaltung vun der Gehälter- a vun der Lounformatioun.

D'Eurozon-Ministere fannen, datt mer musse weider méi Efforté maache bei Recherche an Développement. Si fannen, datt d'Effizienz vun der öffentlecher Dépense am Éducatiounsberäich verbessert muss ginn. Si mengen, datt eng Rei vun deene Punkten, déi ech elo grad opgezielt hunn, noutwendeg wieren, fir eng méi grouss Diversifikatioun vun der Lëtzebuurger Economie ze erreechen.

Si sinn der Meenung, datt déi bestehend an, Zitat: „wuessend Ineffizienzen op eiselem Aarbechtsmaart“ misste geännert ginn, datt mer eng ze niddreg Offer vun der Aarbecht zu Lëtzebuerg hunn an do duerch d'Léin an d'Luucht gedréckt ginn, datt mer missten d'Indemnité-de-chômage an d'Ersatzakkomme reduzéieren an datt mer missten d'Prépensioun limitéieren am Kontext, fir de reellen Alter vum Antritt an d'Pensioun zu Lëtzebuerg ze héijen.

Dat sinn nëmmen e puer vun deene strukturelle Moosnamevirschléi, déi an deem Brëif, dee begleet ass vu Rapporte vun der Kommissioun an den Aarbechtsgruppe vun der Eurozon, gemaach gi sinn. Elo muss een dat net alles gutt a richteg fannen. Mä op d'mannst mussen mer an Zukunft, wann net schonn elo, eng Diskusioun iwwert déi Sujeten do féieren an net einfach mengen, well dat alles aus dem Ausland kéim, wier dat automatesch falsch. Well et ass jo genau dat nämlecht, wat mir amgaange sinn ze diskutéieren iwwer Griichenland, iwwer Irland an och déi Spuerprogrammer, déi zum Beispill eis Kollegen aus Spanien a Portugal opgeluecht hunn.

Déi Recommendatiounen sinn nützlech a sinn noutwendeg, fir déi makroekonomesch Ongläichgewichter an Europa ze évitéieren an der Zukunft. Dat ass Koordinatioun vun der Wirtschaftspolitik an Europa! Et kann een net maachen, wat ee wëllt. Et kritt een näischt imposéiert, eist Land bleift och do souverän. Mä mir sinn an enger gemeinsamer Währung, mir hunn Engagementer geholl an der Wirtschafts- a Finanzpolitik, an déi gëllt et och op eng responsabel Aart a Weis zu Lëtzebuerg ze respektéieren. D'Koordinatioun vun de Wirtschaftspolitiken ass net reng Theorie. Dat ass Praxis an dat muss och zu Lëtzebuerg zu enger Rei vun Ännerungen - sécherlech an engem europäesche Kontext - féieren.

Mir kruten - an ech mengen, dat ass fir d'Finanzpolitik positiv - confirméiert, wéi gesot, datt mer kuerzfristeg eng Budgetpolitik hunn, déi an der Rei ass an där hir Zilsetzung och vun de Kollegen an der Eurozon, iwwerengs och an der OCDE, begreist gëtt. Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land, wat fir de Moment an der Eurozon keng exzessiv Defizitprozedur huet. Trotzdem mussen mer gesinn, datt och zu Lëtzebuerg d'Situatioun sech verschlechtert huet, datt mer elo mussen also kucken, do d'Kéier ze kréien. Duerfir géif ech e puer Chifferen nëmmen rappeléieren, déi dat awer illustréieren, wou d'Problemer vun eiselem Land och an enger laangfristeger Perspektiv sinn.

Mir haten an der Period '85 bis 2009 en Duerchschnittswuesstum vum PIB vu bal 5%. Mir hunn elo ee vun 3%. Dat ass besser - hunn ech lech gesot - wéi an der Moyenne vun der Eurozon, dat ass net esou gutt wéi dat, wat mer an der Period '85 bis 2009 haten.

Mir hunn e Wuesstum an där Period en moyenne pro Joer vun den Aarbechtsplaze

vun 3%, 3,5% gehat. Mir hunn elo e Wuesstum vun den Aarbechtsplaze vu ronn 1,5%. Dat ass erëm eng Kéier méi wéi op anere Plazen, mä et ass vill manner, wéi mer an der Vergaangenheet haten. Mir haten an där Period '85 bis 2009 e Chômagetax vu ronn 2,7%, 2,8%. Mir leien elo bei iwwer 6%. A mir haten eng Finanzsituatioun, déi an där ganzer Period bei de gesamtöffentleche Finanzen excédentaire war mat ronn 2% bis 2,5%. Mir hunn elo zënter 2009 bei de gesamtöffentleche Finanzen en Defizit.

Et geet also drëm, ze kucken, datt mer déi strukturell Ännerungen esou maachen, datt mer, wat d'Finanzpolitik ubelaangt, mä och déi aner Beräicher, erëm an déi Beräicher kommen, wou mer an den 90<sup>er</sup> Jore waren.

Ech rappeléieren nach eng Kéier, wéi dat sech bei de gesamtöffentleche Finanzen, och méi kuerzfristeg, ausgedréckt huet. Mir haten an de Joren 2007 an 2008 bei de gesamtöffentleche Finanzen en Iwwerschoss vun iwwer 3% bei der Administration publique, dat heescht also alles zesummen. A mir hunn 2009 en Defizit vun 0,7%, 2010 bei ronn 2%, a mir wëllen d'nächst Joer duerch dee Budget, deen hei zur Diskusioun virläit, zu engem Defizit vu ronn 1% kommen.

Elo dierf een awer net vergiessen, datt deen Defizit en fait beim Stat vill méi héich ass. An duerfir muss ech dat awer hei nach eng Kéier, dat ass eng typesch lëtzebuergesch Situatioun, erklären. Wann ech och de Moien erëm héieren hunn, och an den audiovisuelle Medien, op de Radioen, mir hätten en Defizit vu 500 Milliounen, da schéngt dat jo wéineg, an doriwwer kann ee sech freeën.

Dat wier awer nëmme richteg, wann een déi Suen, déi mer a verschiddene Secteuren hunn, wou mer en Iwwerschoss hunn, nämlech bei der Sécurité sociale, kéinte gebrauchen, fir d'Dépense vum Stat ze bezuelen. Or, dat ass net de Fall, well déi Suen, déi sinn an der Sécurité sociale, déi si fir d'Ausgabe vun der Sécurité sociale. Déi ginn zum Deel iwwert de Statsbudget finanzéiert, mä déi kënne mer net gebrauchen, fir den Defizit vum Stat selwer ze finanzéieren.

Duerfir ass am Lëtzebuurger Kontext ëmmer den Defizit vum dem Stat ze kucken, an deen ass fir de Moment bei ronn 3,5 bis 4%. An dee wäert d'nächst Joer duerch déi Moosnamen, déi mer geholl hunn, méi niddreg sinn, tëschent 3 an 3,5%, wat awer ëmmerhin eng Zomm ass, déi tëschent 1 an 1,5 Milliarden Euro läit.

Elo kënne mer deen Defizit kuerzfristeg sécherlech finanzéieren duerch Reserven, déi mer op d'Säit geluecht hunn, an duerch Schold, déi mer opheulen. Dat kann awer keng Perspektiv fir mëttel- a laangfristeg sinn, well och do engersäits d'Reserven enges Dags verschwonne sinn, an d'Schold een nëmme ka limitéiert opheulen. Duerfir ass déi Lëtzebuurger Situatioun kuerzfristeg net dramatesch, mä si kann dramatesch ginn, wa mer net op de Wee vun enger Budgetkonsolidéierung ginn. An duerfir ass de Budget 2011, an deen domat zesummenhängende Spuerprogramm, deen éischte Schrëtt fir eng Budgetkonsolidéierung, déi eis soll zrëckbréngen op déi Situatioun, déi mer an den 90er Joren an um Ufank vun dësem Jor zéngt haten.

Dat ass ëmsou méi wichteg, well ech lech virdru rappeléiert hunn déi aner Chifferen, déi klammen, wéi de Chômage, mat all deene sozialen an ekonomesche Problemer, déi dat mat sech bréngt: engem méi luesen Uwuesse vun neien Aarbechtsplazen, wat mer also och mat Konsequenzen spieren, souwuel bei de Steierzueler wéi bei deenen, déi cotiséieren an d'Sécurité sociale. Duerfir muss een all déi Aspekter eng Kéier zesumme kucken.

D'Zil fir d'Lëtzebuurger Regierung bleift, 2014 au plus tard, a wat éischter, wat besser, bei der Administration publique ausgeglichen öffentlech Finanzen ze hunn. An duerno muss deen Effort natierlech weidergoen, well eist Zil muss sinn, laangfristeg och erëm bei dem Stat selwer ausgeglichen öffentlech Finanzen ze hunn.



Dat heescht fir mech, datt och am Budget 2012 eng spuersam Politik muss virugemaach ginn. A spuersam Politik heescht virun allem, datt d'Ausgaben net däerfe staark klammen. D'Ausgaben däerfen net méi klamme wéi dat, wat mer dëst Joer gemaach hunn. Dat heescht net onbedéngt, datt een, sauf aussergewéinlech Émstänn, muss d'nächst Joer erëm mat engem neie Spuerprogramm kommen, mat individuelle Moosnamen. Et muss ee virun allem kucken, datt d'Wuesse vun den Dépensen am Grëff behale ka ginn.

Datselwecht gëllt natierlech fir d'Statsschold. Déi Statsschold ass am europäesche Verglach niddreg, an trotzdeem ass se vill méi héich wéi déi Schold, déi mer jee virun hatten. Mir hunn - an den Här Bodry huet dat och gëschter hei rapeléiert - fir de Moment eng gesamt-öffentlech Schold vun eppes aacht Milliarden, dat sinn 19% vum PIB. Do géif ech awer wëllen ënnersträichen, datt de Lëtzebuerger Stat selwer eng vill méi kleng Schold huet.

Wann ech d'Gemengeschoold erausrechnen, a wann ech och déi extra Schold erausrechnen, déi mer opgeholl hunn, fir an d'Kapital vun enger Bank an engem Rettungsprogramm eranzeklammen - Suen, déi mer am Prinzip erëmkréien, wa mer déi Participatioun verkafen -, dann huet de Stat selwer, fir de Moment, eng Schold vu 4,7 Milliarden Euro, an dat sinn

11 oder 12% vum Bruttoinlandsprodukt. A mengen Aen, fir de Moment, akzeptabel, mä net akzeptabel, wann dat weider géif wuessen. Duerfir d'Noutwendegkeet fir ze kucken, datt den Defizit erofgeet, well een den Defizit à la longue net kann duerch zousätzlech nei Schold finanzéieren.

Wann ech mer d'Diskussioun vum deene leschte Woche ronderëm de Statsbudget an d'Finanzpolitik ukucken, da gesinn ech am Kontext vun der Statsschold, och an deenen Avisen, déi gemaach gi sinn, op d'mannst an deene meeschten, datt am Fong e Konsens besteet, fir datt Lëtzebuerg keng ze héich Schold soll kréien. Dat ass gutt!

Mä um Wee dohinner gëtt et substanzuell Ënnerscheeder. Jo, et gëtt souguer, méi wéi an der Vergaangenheet, ideologesch Differenzen, déi d'Kris méi zum Virschäi bréngt, wéi dat a gudden ekonomeschen Zäiten de Fall war. Dat ass och vläicht gutt an enger lieweger Demokratie, mä da muss mer doriwwer an engem konstruktive Gespréich diskutéieren.

Fir déi eng ass de Wee, fir keng ze héich Schold ze maachen, Steieraugmentatiounen, virun allem bei deenen, déi een net begéint oder net kennt; a fir déi aner ass et eng Ausgabereduktioun, an do och ganz oft Ausgabereduktioun do, wou een et net richteg mierkt oder wou een net brauch ganz prezis ze ginn, wat dat dann heescht.

D'Erausfuerderung fir d'Lëtzebuerger Finanzpolitik fir déi nächst Joren: Wann ech mer déi Chifferen do ukucken, a wann ech dee Konsens gesinn, dass mer keng ze héich Schold fir Lëtzebuerg däerfen op kee Fall maachen, fir ni a Situatioun wéi an Irland ze kommen, dann hätt ech gären, datt mer dräi Guidelines eis ginn, am Fong eng finanzpolitesch Doctrine eis opsetzen, an déi huet fir mech dräi Komponenten: éischstens Budgetdisziplin, zweetens sozial Kohäsion an drëttens wirtschaftlech Entwécklung.

Budgetdisziplin heescht am Fong, datt mer am Prinzip ausgeglichen öffentlech Finanzen mussen hunn, an datt mer nëmmen do kënne Schold maachen, wou mer grouss Investitiounen, déi méi wéi enger Generatioun notzen, wëlle finanzéieren. A meng Iddi wier duerfir och an Zukunft, wa mer Schold ophuelen, déi genee en rapport mat konkreten Infrastrukturprojeten ze identifizéieren - Beispiller sinn TGV, Nordstrooss, Universitéit -, mä datt et kloer muss sinn, datt mer net aner Ausgaben, souvuel am Investitiounsbudget wéi am lafende Budget, kënnen duerch Schold mëttel- a laangfristeg finanzéieren.


Ech sinn och derfir, datt mer driwwer nodenken, ob een net soll, wéi a verschidene Länner, sech verfassungsrechtlech, dat heescht breet politesch gedroe Krittären, wat d'Budgetsregelen ugeet, sech

ginn. Dat huet den Avantage, datt kee kann dee Moment op e Wee goen, deen irresponsabel wier. D'Politik gëtt sech domadder am Fong e Kader, dee souwisou an Europa, am Kader vun der ekonomescher Gouvernance, diskutéiert gëtt.

Och esou Modeller, wéi se an Däitschland an an der Schwäiz gemaach ginn, hunn Nodeeler. Mä et ass op d'mannst derwärt, datt mer doriwwer, och am Kader vun der Ëmsetzung vum europäesche Pak iwwer eng gutt Gouvernance économique, och hei zu Lëtzebuerg diskutéieren.

En zweet Zil, wat net kontradiktöresch mat deem éischten ass, ass d'sozial Kohäsion. Dat ass eng vun de Stärken vun eisem Land, a mir muss se behalen. Duerfir muss d'Erzéiung, am breede Sënn vum Wuert, vun de Kanner an alles dat, wat de Stat dozou ka bäidroen, d'Prioritéit Nummer eent an eiser Ausgabepolitik sinn. Mir brauchen och e soziaalt Netz, wat Aarmut verhënnert, an eng Politik, déi grouss ekonomesch a sozial Ongläichheeten eliminéiert, ouni awer Gläichmaacherei wëllen ze maachen oder Leeschtung ze découragéieren.

Fir mech ass dat notamment sozial Selektivitéit. Déi, déi et am meeschte brauchen, mussen am meeschte vum Stat ënnerstëtzt ginn. Dat ass net ëmmer dat, wat mer an deene leschte Jorzéngte gemaach hunn. An da gehéiert zur sozialer Kohäsion och e séchert Ëmfeld. Do, wou



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

Chamber TV  
weist all  
öffentlech  
Sëtzung  
live an integral

An der Stad  
um Kanal S29 (Coditel) oder  
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch  
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang  
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng  
um Kanal S32

An der Gemeng Nidderaanwen  
Kanal S29

An der Gemeng Bartreng  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer  
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech  
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iermsdref  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),  
Keespelt, Meespelt,  
Ollem an Nouspelt  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach  
um Kanal S40 / 455.25 Mhz





den Netrespekt vum Gesetz toleréiert gëtt, ass d'sozial Kohäsion a Geför. Sozial Kohäsion erreecht een net nëmmen duerch Sozialausgaben, erreecht een och duerch eng Rei vun aneren Dépensen, wéi Éducation, Sécherheet an esou weider. Et ass also méi e breet Feld. An et sinn déi Dépensen, déi och déi nächst Jore mussen prioritär vum Statsbudget getäteg ginn.

Déi drëtt Achs vun där budgetspolitescher Doctrine ass d'wirtschaftlech Entwécklung. De Stat muss d'Ekonomie ënnerstëtzen, muss de Sockel bilden, op deem sech d'Betriber kënnen ausbauen, entwéckelen. Dat ass an der Kris an no der Kris äusserst wichteg. Mir kënnen net kontinuéierlech iwwer Konjunkturprogrammer d'Ekonomie weider wuesse loossen.

Dat ass an der Kris gutt. Dat kann och nach kuerz no der Kris de Fall sinn. Duerno muss Wuesstum duerch ekonomesch Rahmbedéngungen, y compris Strukturreform beweeget ginn. An et ass jo och dat, wat eng Rei Länner an Europa, déi dozou gezwonge gi sinn duerch hir wirtschaftlech, duerch hir Finanzsituatioun, mussen maachen. Mir müssen eis dat och ëmmer erëm no der Kris am Kapp halen.

Dozou gehéiert, datt d'Steieren net méi héich däre si wéi bei der Konkurrenz. Dat gëllt souwuel fir d'Privatpersounen wéi fir d'Betriber. Dat heescht, datt mer müssen deenen Infrastrukturen d'Prioritéit ginn, déi fir d'wirtschaftlech Entwécklung noutwendeg sinn. Dat heescht, datt mer keng onnéideg bürokratesch Schikanen de Betriber operleeën, virun allem de Kleng- a Mëttelbetriber, déi fir d'wirtschaftlech Diversifikatioun vun engem Land absolut noutwendeg sinn. An dat heescht bei verschiddenen Aktivitéiten, notament bei de Finanzprodukter, e gudder gesetzlecher Kader, fir déi kënnen op enger rechtssécherer Basis weider ze entwéckelen.

Et wier gutt, wa mer och kéinte bei dësen Debatte kucken, och hei am Parlament, ob iwwert déi dote Kritären och eng gemeinsam Vue besteet, respektiv wéi am Detail, fir déi eenzel Fraktiounen, déi dote Parametere kéinten ausgesinn.

Budgetsdisziplin, sozial Kohäsion a wirtschaftlech Entwécklung ass net e Programm fir ee Joer. Dat ass e Programm, dee fir d'Finanzpolitik vun deenen nächste fënnf bis zéng Joer muss d'Basis sinn. An de Spuerprogramm, dee mer proposéiert hunn, a wou ech mengen deem säin Zil richteg war an ass, geet an déi dote Richtung, fir déi do Ziler ze erreechen. Op jidde Fall, fir déi do Ziler net a Fro ze stellen.

Duerfir géif ech gären e puer, bal an der Retrospektiv, Observatiounen maachen zu deem Spuerprogramm, wéi e bewäert ginn ass. Ech stelle fest, a bedauern dat, datt et schéngt zu Lëtzebuerg kee breede gesellschaftlechen Accord ginn ze sinn, ginn ze hunn, ëm d'Noutwendegkeet fir müssen ze handelen. An ech mengen och an der Analys vun dem Här Bodry ass dat gëschter kloer ginn, datt d'Analys vun der Situatioun ganz ënnerschiddlech war. Dat huet sécherlech an der Diskussioun rondërem dee Spuerprogramm ervirgestach.

Zweetens hunn ech festgestallt, datt et kee breeden Accord fir méi sozial Selektivitéit schéngt ze ginn. Och dat bedauern ech, well ech fannen et, wéi ech virdru gesot hunn, noutwendeg, datt een, besonnesch a schwieere wirtschaftlechen Zäiten, d'Sozialausgaben un d'Akomesse koppelt. Duerfir sinn déi Diskussiounen, déi gefouert gi sinn, dach awer erstaunlech zu Lëtzebuerg ronderëm den Index, d'Allocation de rentrée scolaire oder de bëllegen Akt, déi just geduecht waren, fir deene Leit, déi et am meeschte brauchen, entgéintzekommen, d'staatlech Responsabilitéit dorop ze konzentréieren. Mä och do schéngt et kee breeden Accord am Land ze ginn.

An drëttens gouf et sécherlech eng staark Resistenz géint d'Moosnamen, déi eng kéier agefouert gi sinn, fir déi an engem spezielle Kontext ëmzeänneren. Ännerungen u Bestehendem awer sinn, a mengen Aen, heiansdo noutwendeg. Mech huet och wierklech heiansdo erféiert, wéi reformonwëleg verschidde Leit oder verschidde Kreesser sinn. Sécherlech kann een ënnerschiddlech Meinungen zu verschiddene Reformen hunn, mä wann

ee géint eppes ass, dann ass den demokrateschen Débat nëmmen dann nützlich a bréngt eis virun, wann Alternativen op den Dësch geluecht ginn.

Net all Ännerung u Bestehendem ass eppes Negatives, net all Ännerung ass Sozialofbau. Heiansdo muss een eppes änneren, fir eppes aneschters amplaz ze setzen. Heiansdo muss ee spueren, fir och mëttel- a laangfristeg sengem Land all Chancen ze erlaben. An d'Ëmstänn hunn nun eemol geännert. Dat ass net d'Schold vun där enger oder anerer Partei. Dat ass net d'Schold vun deem engen oder anere Bierger hei am Land. Dat ass déi internationale wirtschaftlech Situatioun, déi huet dramatesch am Joer 2008 an zënterhier geännert.

Net ouni Hoffnung, mä et verlaangt eng Rei Ännerungen, fir datt Europa an och mir an der Zukunft erëm eng Plaz an der Weltökonomie kënnen hunn. Duerfir ass d'Zäit vun der Sich nom Konsensus vläicht och eng, déi net ëmmer - an un déi mer gewinnt waren -, vläicht eng, déi net ëmmer méi an dës Zäit passt. De Präis fir d'Sich nom Konsensus däreft net esou héich ginn, datt mer eis Zukunft verbarrikadéieren.

De Jean Monnet huet eng kéier gesot: «Les gens n'acceptent le changement que dans la nécessité. Ils ne voient la nécessité que dans l'urgence.» Ech hoffen, datt mir d'Noutwendegkeete vun enger Rei Reforme gesinn, ouni datt d'absolut Urgence do ass. Well aner Länner an der Eurozon hunn eis gewisen, datt se an der absoluter Urgence müssen dat eent oder dat anert änneren.

Duerfir sinn ech frou, datt mir et fäerdeg bruecht hunn, dee Spuerprogramm - och wann dat net optimal gelaf ass, och wann dat eent oder dat anert no Diskussioun ewechgeholl ginn ass, wat iwwregens och normal ass an engem demokrateschen Débat -, datt mer et fäerdeg bruecht hunn, substanzuell Ännerungen awer hei zu Lëtzebuerg, och a schwieerege Ëmstänn, ze maachen.

Duerfir muss een och emol op esou Momenter Sträit akzeptéieren an och heiansdo Iddi géint Widerstand duerchsetzen. A Krisenzäiten an a wirtschaftlech schwieerege Zäiten däreft d'Popularitéit net de Moosstaf vun der politescher Aktioun ginn.

Mä et ass och wichteg, datt mer am Land politesch, wirtschaftlech a sozial Stabilitéit behalen, fir déi doten Diskussiounen kënnen ze féieren. An duerfir war et d'Suerg vun der Regierung, och an de Gespréicher mat de Sozialpartner, déi noutwendeg sozial Rou hei am Land erëmfannen, fir da kënnen eng Rei Diskussiounen am Laf vun nächsten an iwwernächste Joer ze féieren. Duerfir ass et a bleift et d'Zil vun der Regierung, an engem Kader, dee kann emol änneren, och elo mat de Sozialpartner, souwuel mat de Gewerkschaften wéi mam Patronat, Léisungen ze fannen, déi d'Krisensituatioun berücksichtegen.

Hu mer déi Rou, an ech mengen, datt mer se fannen, datt mer Accordé mat béide Säite kënnen ofschléissen, da kënnen mer an deem nächste Joer eng grouss Debatt féieren. An déi ka bei dëse Budgetsdebatten ufänken, iwwer e puer Froen: Wat fir e Land wëlle mer? Eng aner Fro ass déi: Wéi wëlle mer ekonomesch Aktivitéiten och an Zukunft hei zu Lëtzebuerg weider unzéien an déi bestehend ausbauen? Wat mécht d'auslännesch Konkurrenz an dësem Kontext? Geet et duer, datt mer déi Regeln esou halen, wéi mer se elo hunn? Kréie mer domadder d'Betriber, déi Aarbechtsplaze schafen, op Lëtzebuerg, oder mussen mer Ännerungen maachen? An déi drëtt Fro, déi sech do stellt, ass: Wat wëlle mer prioritär finanzéieren?

Mir brauchen also wéinst der Globaliséierung a wéinst der ekonomescher Lag eng grondleeënd Debatt, wou mer rësonnabel wëllen histeieren. Dat ass net eng Debatt iwwer ee Statsbudget. Dat ass eng Debatt och iwwert de Statsbudget, mä iwwert d'Wirtschafts- a Finanzpolitik vun deenen nächsten zéng Joer. An ech géif versichen, schonn eng fënnf, sechs Pistien zu deene Froen selwer mat an d'Debatt ze werfen, fir an deenen nächsten Deeg a Joren do-riwwer kënnen ze diskutéieren.

Déi éischt bleift, fir mech als Finanzminister, datt mer müssen, a mir wëllen de Budgetdefizit erofkréien an domadder d'Statsschold niddreg halen. Eng Spuerpolitik ass näischt Negatives. Eng Spuerpolitik ass kuerzfristeg batter, mä ass laangfristeg d'Grundlag fir eng staark wirtschaftlech Entwécklung. An dat heescht d'Kreatioun vun Aarbechtsplazen, vun deene mir alleguere profitéieren.

Wien ze héich Schold huet, verléiert leschten Enns seng Souveränitéit, well anerer, nämlech déi, déi d'Sue léinen, diktéieren d'Konditiounen vun der Stee. Mir wëllen, d'Lëtzebuurger Regierung wëllt net op dee Wee vun enger héijer Statsschold kommen.

Zweetens mussen mer duerch strukturell Reformen de Chômage erofkréien. Well dat ass an Europa an heiheem eng sozial Bomm, a si schaafft enorm mënschlech Problemer.

Drëttens mussen mer eise Pensiounssystem laangfristeg finanziell ofsécheren, an d'Regierung wäert do an nächster Zäit Propositionen maachen.

Véiertens brauche mer eng finanzéierbar Sozialpolitik, déi sech - an ech soen dat nach eng kéier - virun allem ëm déi finanziell oder gesondheetlech Schwächsten an der Gesellschaft prioritär muss bekëmmern. Sozialpolitik, déi jiddwerengem alles gétt, ass schéin, mä ass laangfristeg net ze finanzéieren.

Fënneftens mussen mer eise Betriber hëllef, konkurrenzfähig mam Ausland ze bleiwen, sech kënnen ze moderniséieren, sech kënnen ausbauen ouni ze vill Hürden, an domadder Aarbechtsplaze schaffen. Do komme mer net dorëm erëm, fir op enger Säit sécherlech un der Diversifikatioun weider ze schaffen, mä och d'Finanzplaz weider ausbauen.

E klengt Land wéi eist huet nun eemol am Dénkschtleeschungssektor méi Méiglechkeete wéi am Sektur vun der Schwéierindustrie, wéinst enger ganzer Rei vun evidente Restriktiounen. Duerfir mussen mer kucken, datt déi Finanzplaz och an Zukunft nei Clienten, nei Mäert, nei Produkter kritt - nei Clienten an nei Mäert, andeem mer wëssen, datt de Marché haut vill méi grouss ass an datt mer déi Suen an déi Clienté mussen siche goen op nei wuesende Mäert, notament an Asien, wat mer jo och intensiv, och als Regierung, an deene leschte Méint gemaach hunn.

Nei Produkter mussen mer entwéckelen a se begleeten - gesetzlech begleeten. Dat maache mer am Kader vun, ënner anerem, dem Haut Comité de la Place financière, deen ech mat den Acteuren vun der Finanzplaz agesat hunn an deen ouni vill Publicitéit intensiv un neie Beräicher schafft.

A mir mussen kucken, datt den europäesche Bannemaart fir Finanzdénkschtleeschungen weider och funktionéiert. An deem Kontext ass et wichteg, datt mer déi nei europäesch Regeln och uwenden, mä datt mer kucken, datt déi nei europäesch Regeln net just deenen nützlich sinn, déi wëllen hire Marché ofsënnere vun aneren. Mir si fir d'fräi Zirkulatioun vum Kapital, a bei deenen europäesche Regele mussen mer eis un eng Rei internationalen Regeln halen, insofern se och mat eise Grondprinzipien iwwereneestëmmen.

Duerfir hu mer och enger Rei vun internationalen Konventiounen am Beräich vun der Steuerkooperatioun zougestëmmt, insbesondere dem OECD-Duebelbesteuerungskonventionsmodell, dee mer a bilaterale Verträge mat enger ganzer Rei vun Länner gemaach hunn. Deen ass gutt fir d'Reputatioun vun eiser Finanzplaz a fir nei Aktivitéiten ze dévoppéieren.

Mä mir waren net d'accord, och gëschter am Conseil vun de Finanzministern, fir dee Prinzip, dee mer elo an dem Duebelbesteuerungssofkommes ofgemaach hunn, fir deen elo anescht ëmzestalten an enger europäescher Direktiv.

Duerfir si mer no laange bilateralen an europäeschen Diskussiounen gëschter zu engem Accord komm, fir d'Zesummenaarbecht tëschent de Steierverwaltungen ze verbesseren, am Respekt, am volle Respekt vun deem, wat mer hei am Parlament gesot haten: den Informationsaustausch op Ufro a spezifische Fäll, dat heescht mat

Indikatioun vum Numm vun der Persoun, ëm déi et geet, wou ee Land bei engem aneren eppes nofreet. Dat ass de Grondprinzip, dee mer an déi Direktiv ageschriwwen hunn.

Mir waren am Kompromëss d'accord, datt den automateschen Informationsaustausch tëschent de Steierverwaltungen géif agefouert gi bei enger Rei vu Kategorien, wou mer mengen, datt de Schutz vun der Privatsphäre an den Dateschutz net déi nämlech Relevanz hätt. Déi Kategorië vu Revenuë si Kategorië vu Revenuen, déi näischt, och mat der Aktivitéit vun der Gestion de patrimoine, op der Lëtzebuurger Finanzplaz ze doen hunn.

Deen Informationsaustausch kann - ech ënnersträichen: kann - automatesch agefouert gi bei fënnf Kategorië vu Revenuen. Déi fënnf Kategorië si Paien, Pensiounen, Tantiemë vun Administrateuren, Loyereren a Liewensversécherungen.

Ech wëll hei nach eng kéier ganz kloer soen, datt mir ab 2014 den Informationsaustausch op automatescher Basis aféiere fir Paien, fir Pensiounen a fir Tantiemë vun den Administrateuren. A contrario, mir féiere se net an - an ech wëll dat hei nach eng kéier ausdrécklech ënnersträichen - bei de Liewensversécherungen. A mir féiere se net an, an dat ass konform mat der Direktiv, bei de Revenuë vu Propriétés immobilières.

2017 mécht d'Kommissioun eng Evaluatioun vun där Direktiv, an da gëtt weider gekuckt, op déi weider eestëmmeg ausgebaut gëtt oder net.

Sechstens: Niewent deene bis elo ugeschwatene Punkte vun der Reduzéierung vum Budgetdefizit, vun der Reduktioun duerch strukturell Reformen vum Chômage, vun der gesonder Finanzéierbarkeet vum Pensiounssystem, der finanzéierbarer Sozialpolitik, der Ënnerstëtzung fir d'Betriber, an notament bei dem Dénkschtleeschungssektor, brauche mer och, sechstens, an där Perspektiv fir déi nächst Joren eng novollzéibar an akzeptabel Steuerpolitik. Dat heescht, dat muss och vum Bierger akzeptéiert ginn.

Den Här Bodry huet hei gëschter a sengen Aen dräi Ziler vun der Steuerpolitik beschriwwen. Ech kann déi Ziler deelen, just géif ech gären dräi Kritären derbäihänken, ouni déi a mengen Aen déi Ziler net kënnen realiséiert ginn. Fir eis heescht eng Steuerpolitik an dësem Kontext, datt se de Kritäre vun der sozialer Gerechtegkeet, der Leeschtungsfrëndlechkeet an dem internationalen Ëmfeld och muss gerecht ginn.

Eise Steiersystem ass extrem, heiansdo vläicht ze vill sozial gerecht. 5% vun de Privatpersounen zu Lëtzebuerg bezuele 50% vun alle Steieren. Eis Niveau vum der Besteuerung...

#### (Interruption)

Eisen Niveau vum der Besteuerung ass leeschtungsfrëndlech, well en net iwwer 39% vum Akomesse vun de Leit geet, an en dréit dem internationalen Ëmfeld Rechnung, well mer opgepasst hunn, souwuel bei de Betriber wéi bei de Leit, datt mer net iwwert dem Steiersaz vun den Nopeschlänner leien, fir d'Délocalisatioun vu wirtschaftlechen Aktivitéiten an aner Länner ze verhënneren.

Mir sinn an der Steuerpolitik net eleng op der Welt, well de Risiko vun Délocalisatioun ass besonnesch bei internationalen Betriber ganz grouss. An duerfir muss een och dat ëmmer am Bléckwénkel hunn.

An deem nämlechten Otemzuch géif ech gäre soen, datt de Wonsch, deen och de Budgetrapporteur gëschter ausgedréckt huet, no Vereinfachung vum Steiersystem een ass, deen ech ka novollzéien.

Mä ech weess net, ob e ganz kompatibel ass mat engem aneren Zil, wat den Här Bodry bei der Steuerpolitik gesot huet, nämlech deem vum Lenkungseffekt vun de Steieren. Eng Vereinfachung vum Steiersystem heescht och, datt een iwwer verschidden Abatementen nodenkt. Wat ee





méi Abattementen an ähnlech Steuer-moossnamen huet, wat e Steiersystem selbstverständlech méi komplizéiert gëtt. An duerfir mengen ech, ass et och gutt, datt mer géifen eng Kéier driwwer eis ënnerhalen, ob mer déi Vereinfachung wëllen.

Ech hu gemierkt, och an deene leschte Wochen, wéi schwierig et ass, och bei där enger oder anerer steuerlecher Moosnam, déi e Lenkungseffekt hat oder sollt hunn, fir do Ännerungen ze maachen. Ech grondsätzlech, als Finanzminister, géif eng Vereinfachung mat enger Ofschafung vun enger Rei vun Abattemente richteg fan-nen, wëssend awer d'politesch Schwierig-keet, déi een domadder huet, a wéi gesot, datt een dann de Lenkungseffekt, deen heiansdo nätzlech ass, aus der Hand gëtt, deen d'Politik iwwert de Steuerwee kann hunn.

Dat, wéi gesot, sinn e puer Pisten, déi mer, mengen ech, missten diskutéieren an enger grousser Debatt iwwert d'Zukunft vun eisem Land, wou d'Finanzpolitik ee wesentlechen Aspekt dovun ass.

Datt mer eis op deem éischte vun deene Punkte gutt beweegt hunn, beweist dee Spuerprogramm. Hätte mer deen net ge-maach, wär - an dat huet och de Budgets-rapporteur gëschter hei confirméiert - eisen Defizit vill méi héich.

Den Här Bodry mengt, e wier ëm 450 Mil-lione méi héich. Ech soen, e wier 650 Milliounen méi héich! Wou kënnt den Ënnerschied hier? Well mer bei den Investitiouns Ausgaben a menge Chifferen natierlech kucken: Wat wieren d'Ausgabe gewiescht, wa mer alles dat gemaach hät-ten, wat mer am leschte pluriannuëlle Pro-jet an der Chamber virgeluecht hunn an diskutéiert hunn?

Eng ganz Rei vun deene Projeten, déi mer zrëckgesat hunn, si finanziell zu Buch ge-schloen, hunn also en Impakt. Wa mer also déi elo net bauen oder eréischt an zwee Joer oder an dräi Joer bauen, da spuerer mer domat par rapport zu deem, wat mer virgesinn haten. An duerfir soen ech, datt mer an eisem Spuerprogramm iwwer zwee Drëttel um Niveau vun den Dépense par rapport zu deem, wat geplangt war, spue-ren, a ronn een Drëttel, souguer licht manner, um Niveau vun de Recetten, well mer dee Spuerprogramm maachen.

Mä egal wat fir ee Chiffer een zrëckbehält, dat ass eng substanzuell Zomm, well të-schent 450 a 650 Milliounen Euro wär den Defizit méi héich, wa mer de Spuer-programm net gemaach hätten.

An duerfir soen ech nach eng Kéier: Spue-ren ass eppes Positives, wann een déi laangfristeg Perspektiv kuckt. Spuerer soll net ugesi ginn nëmme wéi eppes ewech-huelen, mä d'Grundlag schafen, fir an Zu-kunft kënne sech Margen ze ginn, fir nach kënne op eng souverän, dat heescht lëtzebuergesch Aart a Weis och nei Po-litiken ze gestalten.

Duerfir muss mer och, an ech soen dat och fir 2012 an 2013, d'Dépenses am Grëff behalen. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt am Budget 2011 d'Dépense vun dem Stat nëmme ëm 3,6% klamme par rapport zum Budget 2010. A si klammen nëmme ëm 1,9% par rapport zu de viraussichtlechen Aus-gabe vum Joer 2010. A wann ech vun deenen 1,9% d'Inflatioun erausrechnen, da gesäit een, datt d'Ausgaben d'nächst Joer net wuessen.

Dat ass déi Spuerpolitik, déi mer och fir d'Joer 2012 noutwendeg schéngt, ze ku-cken, datt d'Ausgaben, ouni mussen e Ka-talog vun individuelle Spuermoossnamen ze maachen, gedrosselt kënne ginn an datt domadder déi Mehreinnahmen, déi mer hunn, datt déi den Defizit reduzéieren an datt déi net an nei net couvriert Ausgabe kënne lafen.

Nach eng Kéier: Bei 2011 klammen d'Dé-pense par rapport zu de Previsiounen nëmme ëm 1,9%. D'Recettë leien ëm 4,5% méi héich am Budgetsprojekt 2011 wéi bei de Previsiounen fir dës Joer. 4,5% -

dat ass vill. Mä wéi gesot, dat erlaabt eis, den Defizit ze reduzéieren.

D'Zil vun de gesonden a zolitte Statsfinan-zen erreecht een och net nëmme duerch Spuerprogrammer. Et erreecht ee se duerch Budgetsdisziplin. An ech mengen, mir kéinten och dat eent oder dat anert erreechen duerch nei Budgetsregeln.

Och do sinn ech dankbar fir d'Ënnerstët-zung, déi am Rapport vun der Finanz- a Budgetskommissioun komm ass. Mir wäer-ten am Laf vum Joer 2011 eng Budgetsre-form proposéieren. Mir wäerten awer och Joer intensiv Aarbechten doriwwer duersch-féieren, fir d'Budgetsprozedur ze moderni-séieren. Mir maachen dat virun allem an eisen eegene Servicer, wäerten awer och op d'Erfahrung vun der OCDE respektiv d'Erfahrung vun anere Länner, wéi zum Beispill Éisträich, zrëckgräifen, déi an der rezenter Vergaangenheet Budgetsreforme gemaach hunn.

E groussen Akzent leeën ech do gären op d'Qualitéit vun der öffentlecher Ausgab. Transparenz, Vertrauen an Evaluatioun sol-len d'Kritäre ginn, no deene mer eis wëllen orientéieren. Transparenz heescht, datt mer éischter no den Aktivitéite kucken, no de politeschen Ziler wéi just Mëttelen. Ze oft gëtt zu Lëtzebuerg d'Fro gestallt: Wéi vill kréien ech dann op deem Kredit bäi? Ech mengen, datt dat net kann deen een-zege Kritär sinn, mä méi d'Philosophie: Wat kann ech erreechen? Respektiv: Wat hunn ech mat enger gewëssener Budgets-ausgab an der Vergaangenheet erreecht?

Zweetens, d'Vertrauen. Ech hätt gären, datt mer e Budget kréien, wou méi Flexibi-litéit fir déi eenzel Departementer dran ass, mä och méi Responsabilitéit fir déi eenzel staatlech Acteuren.

An drëttens: Evaluatioun. Mir mussen ku-cken, wat ass d'Performance, wat ass d'Ko-härenz vun der Dépense? - Wat an enger renger kontabeller Approche an der Ver-gaangenheet vläicht net genuch gemaach ginn ass.

Domadder maache mer och d'Aufgab vun der Chamber bei der Analys an der Kon-troll vum Budget besser. Ech weess, datt dat an där enger Matière vläicht méi ein-fach ass wéi an enger anerer Matière. Mä an enger Rei vu Beräicher ass sécherlech d'A-posteriori-Analys vun der Effikassitéit vun der Dépense, vun der Erreechung vum Zil eng, déi kann och a schwierigen Zäi-ten et eis erlaben, mat manner Suen awer ganz vill Politik ze maachen, vill Politik-beräicher finanziell ze bedéngen. De Bud-get soll also e bessert Instrument gi fir d'politesch Aktioun.

De Kalenner vun där Reform ass, fir am Joer 2011 de Gros vun där Aarbecht ze maachen. Ech mengen net, datt dat kéint fir d'Joer 2012 a Kraaft trieden, mä éisch-ter fir de Budget 2013 oder de Budget 2014. Mä héchstwahrscheinlech muss een, dat mussen déi Aarbechten erweisen, mat deem engen oder deem anerem De-partement Pilotprojete maachen. Sou wéi mer d'Gestion séparée viru Joren an engem klengen Krees agefouert hunn an, nodeem mer gesinn hunn, datt et positiv Erfahrungsgehalt mat sech bruecht huet, dunn hu mer dat ausgebaut.

Ech sinn och op, an deem Kontext - wann och mat gewësse Fragezeichen -, iwwert-dee vun der Chamber proposéierte Comité de prévision fiscale.

Ech mengen nämlech, datt, wann och méi Leit wéi just d'Beamte vun der Steuer-verwaltung déi Previsiounen maachen, dat an engem klengen Wirtschaftsraum net on-bedéngt zu méi präzise Chifferen féiert. Eise Problem ass, datt mer e klengen Wirt-schaftsraum sinn, dee ganz oppen ass, an eng Rei vu Steuerkategorien hunn, déi eng ganz héich Volatilitéit a sech hunn. An och do si gëschter hei eng Rei Chifferen rap-peléiert ginn.

Ech fannen et net gutt, wann dee Comité de prévision fiscale géif eng onofhängeg Autoritéit ginn. Et ass d'Chamber, et ass d'Chamber als politescht gewieltent Or-gan vum Stat, wat de Budget mécht, y compris d'Recettësäit. An ech gesinn net an, firwat d'Beamten aus enger Ver-waltung, d'Ministeren an d'Deputéierte manner gutt wäer wéi onofhängeg Ex-perten, déi géifen d'Steiere berechnen. Et kann ee sécherlech deen een oder anerem Expert mat erunzéien, fir Methodologien ze erschaffen, wéi ee kann op Erfahrungs-wäerter Steieren aschätzen, mä d'Politik mécht de Budget, d'Politik décidéiert iwwert de Budget an d'Politik ass responsabel a bleift responsabel a mengen Ae fir de Budget.

Mä ech sinn oppe fir déi Iddi, fir déi och mat der Finanzkommissioun opgrond vun där Motioun, déi se gestëmmt huet, déi d'Chamber gestëmmt huet virgëschter an déi jo gewëssen Dieren opléisst, fir doriw-wer konstruktiv an deenen nächste Méint am Kader och vun där Budgetsreform ze diskutéieren.

Budgetsdisziplin a spueren heescht net, keng Suen ausginn. Ech hunn heiansdo d'Impressioun, datt, an do si mer mat schëlleg drun, mer ganz oft vergiessen, datt mer an deem Budget ganz vill Prio-ritéiten hunn, datt mer mat deem Budget ganz villen realiséieren an datt dat ville Leit hei am Land zeguttkënnt an datt dat ganz vill politesch Prioritéite sinn, déi mer do-madder erreechen.

Nach géif ech hoffen, datt déi Debatt, déi mer muer hei kréien, och géif soen, ob déi Prioritéite gedroe gi vum Parlament res-pektiv, wa se net gedroe ginn, wat fir eng Alternative proposéiert ginn. Wou soll méi ausgi ginn? Mä wann een dat seet, och: Wou soll méi gespuert ginn?

Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, datt mer am Fong dräi grouss Bléck am Budget hunn. Mir hu ronn 36% Sozialaus-gaben am Budget 2011. Dat sinn d'Kontributiounen vum Stat bei de Pen-siounskeessen, der Gesondheetskeess, dem Kannergeld, Chômage an esou weider. 36% vun der Gesamtausgabe vun dem Stat. 20% si Paien. An 13% sinn Investi-tiounen. Do gesäit een also och, wou déi grouss Bléck vun der Opdeelung vun eisen Ausgabe fir d'Joer 2011 sinn.

Zu deene Prioritéiten, déi mer gesat hunn, gehéiere ganz sécher och fir déi Joren duerno d'Beräicher wéi Famill a Wun-nengsbau an dem Kontext vun dem Zesummeliewen an der Liewensqualitéit, an an dem Beräich vun deene méi laang-fristeg Beräicher wéi Fuerschung an In-vestissementen. Dat sinn natierlech keng exhaustiv Lëschten, mä dat si Beräicher, fir lech nëmme ze illustréieren, wat fir eng Villsäitegkeet an deem Budget souwuel am Kuerzfristeg wéi am Laangfristegen ass.

D'Famill, a wann ech héieren, datt ge-mengt gëtt, dës Regierung an dës Majori-téit géif näischt fir d'Famill maachen, an datt déi eng oder aner Moosnam géif

d'Familljepolitik am breede Sënn a Fro stel-len, muss ee sech d'Chifferen virun Aen ha-len. De Lëtzebuurger Stat gëtt d'nächst Joer am Beräich vun der Famill 1,9 Mil-liarden Euro aus. Dovunner ass eleng d'Kannergeld eng Milliard Euro. Dat heescht, datt souguer kleng Ännerungen, wäer se dann och komm, näischt an der fundamentalen Prioritéit vun der Regierung par rapport zu der Familljepolitik ausgesot hätten.

Woubäi ech wëllt derzoufügen, datt an deem Beräich net alles mat Suen ze er-reechen ass, mä datt de Stat sécherlech kann déi eng oder déi aner Problemer oder Zilsetzungen duerch finanziell Mëttelen er-reechen. Eng Milliard Kannergeld, e Ge-samtpak vun 1,9 Milliarden, doranner na-tierlech déi vill zousätzlech Plazen, déi mer an deene leschte Jore geschaf hunn an och d'nächst Joer wäerte schafen, an In-frastrukture wéi Maison-relaisen oder Crèchen.

Eleng an deene leschten dräi..., an deene leschte véier Joer, also 2008 bis 2011 in-klusiv, ass d'Zuel vun de Plazen an de Mai-son-relaisen ëm 9.000 geklommen, esou datt mer um Enn vum nächste Joer zu Lët-zebuerg 23.200 Plazen an de Maison-re-laisen hunn. Mir hunn zu Lëtzebuerg um Enn vum nächste Joer - wann déi Mooss-namen, déi Projeten alleguere realiséiert sinn, déi mer am Budget d'nächst Joer stoen hunn - 6.500 Plazen an de Crèchen a Foyer-de-jouren, et gëtt 49 Jugendhaiser an et kommen och d'nächst Joer zou-sätzlech Plazen, 52 ganz prezis, fir Handi-capéierter a Foyeren, Ganzdagsbetreierung, derbäi. Just e puer Chifferen, e puer Bei-spiller, fir ze weisen, wéi vill Zolitten an deem dote Beräich och mam Budget 2011 gemaach gëtt.

Och do si mer - an ech deelen d'Meenung vum Budgetsrapporteur gëschter - op eng gutt Kooperatioun mat de Gemengen ugewisen, an ech muss soen, och an deenen dote Beräicher fonctionnéiert dat am Regelfall jo ganz gutt.

Datselwecht gëllt fir de Logement. Mir hunn eng kontinuéierlech Politik, fir finan-ziell zolidd Ënnerstëtzung ze ginn deene Leit, déi zu Lëtzebuerg wëllen en Haus ka-fen oder bauen. Eleng am Budget vum nächste Joer gi mer - iwwer eenzel Primen, iwwer Hëllef, déi mer un öffentlech a privat Promoteure gi fir soziale Wunnengs-bau, un Hëllef, déi mer de Gemenge ginn, déi e staarke Populationszuwuess hunn, oder Hëllef, déi mer deene Leit ginn, déi mat klengem Akommes en Haus oder en Appartement loune ginn -, do gi mer d'nächst Joer 115 Milliounen Euro aus. Dat ass eng Progressioun vu 50% par rapport zu der Dépense, déi mer zum Bei-spill 2005 haten.

Also iwwer en Zäitraum vu fënnef Joer gi mer 50% méi Suen aus fir individuell Hël-lefen u Leit oder Promoteuren oder Ge-mengen, déi ech elo grad opgezielt hunn. Et kënnt derbäi - an an där Zomm ass dat am Fong net dran -, datt mer jo eng nid-dreg TVA an deem Beräich hunn, nämlech 3% TVA, an datt dat fir de Stat am Fong och nach en zousätzleche Bäitrag vun 28 Milliounen Euro eleng op engem Joer aus-mécht. Dat heescht, zesummen hu mer also net nëmme 115 Milliounen Direkt-ausgaben, mä och Mindereinnahme vun eppes 28 Milliounen Euro duerch déi nid-dreg TVA.

Och do muss een natierlech - an dat ass déi Debatt, déi mer mussen ëmmer erëm féieren - kucken, ob d'Effikassitéit vun deenen eenzelne Moossnamen deen Effet hat, dee mer wollten hunn. De Wëlle vun der Regierung, vun de sukzessive Re-gierung war, duerch déi Moossnamen d'Präisser an de Grëff ze kréien. Si hunn awer éischter op enger Rei vun deene Punkten dat Zil net erreecht, well d'De-mande zu Lëtzebuerg exzeptionell héich ass. Duerfir muss een och vläicht bereet sinn, iwwert déi eng oder déi aner Mooss-nam am Sënn vun der Effikassitéit no-zedenken. Vläch kann een och do - wéi ech virdru gesot hunn - eng Moosnam ëmänneren, fir eng aner am-plaz ze setzen.

Am Beräich vun där Preparatioun vun der Zukunft an deem Laangfristeg kënnt - an dat geet och aus deem Brëif vum Euro-grupp ervir, deen ech virdru zitéiert hunn - der Fuerschung an der Entwécklung eng ganz wichteg Bedeitung zou. Dat spiert

## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg





een net am Direkten, dat spiert een net, wann een duerch d'Strooss geet, déi Ausgabeb, déi een am Beräich vun der Fuerschung an der Entwécklung mécht. Mä déi spiert eist Land als Ganz, déi spieren eis Kanner, wa si an zéng oder 20 Joer an engem modernen, sech weiderentwéckelnde Land wëlle liewen.

Mir hunn als Zil, d'öffentlech Fuerschung op 0,8% eropzekerien an d'privat Fuerschung op 1,8%. Mir sinn elo op eppes 0,5% vum Bruttoinlandsprodukt. Mir ginn d'nächst Joer ronn 200 Milliounen fir d'öffentlech Fuerschung aus. An ech erënnere drun: Am Joer 2000 ware mer eréischt op 0,1%. Mir sinn also och do a kuerzer Zäit vun 0,1 op elo 0,5% eropgaangen. Och dat ass eng Politik, déi muss weidergoen, well nëmme wann de Stat an d'Betriber - a ganz oft hëlleft de Stat, d'Fuerschung an de Betriber finanziell ze ënnerstëtzen - sech kënnen modern Produkter entwéckelen, hu se och eng Chance herno am internationale Konkurrenzkampf, fir hir Produkter kënnen ze verkafen.

Och duerfir kënnt der Universitët an hirer Fuerschung an an hirem Bildungsvoleit eng wichteg Importenz zou. D'Universitët kritt an dem Programm 2010 bis 2013 eng Gesamtzomm vun 380 Milliounen Euro, dovunner eleng am Budget d'nächst Joer 87 Milliounen Euro, niewent enger substantzieller Dotatioun am Beräich vun deem Aktiounsprogramm „Technologies de la santé“, wat ronn 450 Milliounen ausmécht. Wat Beräicher sinn, déi ech nëmme beispillhaft indiquerien, fir ze weisen, wou mer à la fois eng Diversifikatioun vun der Wirtschaft probéieren a wou mer och an der Fuerschung investéieren, fir d'Zukunft vun eisem Land wirtschaftlech an - ech géif soen - am Beräich vun der Educatioun weiderzeentwéckelen.

An där laangfristeger Perspektiv kënnt selbstverständlech och den Investisementer eng ganz grouss Roll zou, quitte datt se selbstverständlech och kuerzfristeg e positiven Effet hunn, well wien Investisementer mécht, finanziert natierlech och kuerzfristeg d'Infrastrukturen, déi Leit, déi déi bauen, dat sinn also d'Entreprises, dat ass de Mëttelestand, dat ass d'Handwierk. Mä laangfristeg kënnen vill Leit an e puer Generatione vun deenen Infrastrukturen profitéieren.

Elo baue mer d'nächst Joer ganz vill. Mä mer baue manner wéi dat, wat mer 2009 am Fong fir 2011 virgesinn haten. An duerfir: Déi, déi soen, mir géife spuere bei den Infrastrukturen, déi hu vläicht ze séier d'Konklusioun gezunn, well se just de Chiffer vun 2011 par rapport zu 2010 kucken oder well se just de Chiffer kucke par rapport zu deem, deen am pluriannuellen Investitiounsprogramm war. Jo, mir kënnen net alles bauen, wat mer gäre gebaut hätten, well mer eis dann iwwerverschellen. Et geet do dem Stat net anescht wéi de Privatleit. Net jiddweree kann zu all Moment dat bauen, wat e gären hätt.

Mä mir wëllen eng Rei vu Projekte maachen, an duerfir gi mer d'nächst Joer souwuel bei direkte wéi indirekten Investisementer - indirekter sinn der, wou mer engem Drëtten d'Sue ginn, wéi zum Beispill beim Bau vun Altersheimer - 1,6 Milliarden Euro aus. 1,6 Milliarden Euro: Dat sinn 280 Milliounen Euro méi wéi 2009. An 2009 - kuckt d'Budgetsdebatten no - hate mer en historesche Rekord vun Investitiionsausgaben. Mir sinn also nach iwwer 2009.

Mä et ass richtig: Mir hunn eng Brems missen zéien an duerfir si mer ronn 100 bis 120 Milliounen ënnert deem, wat mer dëst Joer ausginn, a mer gi manner aus wéi dat, wat mer virgesinn haten. Eng Rei Projekte si reportéiert ginn. Mir hunn net decidéiert, fir déi ni ze maachen. Eng Rei vun deene Projekte sinn och noutwendeg, an et ass och kloer, datt jiddweree gären déi Projekten hätt, och d'Regierung. Mä si si fir de Moment net ze maachen, a mir kucken 2012, 2013 nach eng Kéier iwwert dee ganzen Investitiounsprogramm.

Mä dat, wat mer maache mat 1,7 Milliarden - wat also, soen ech nach eng Kéier, méi ass wéi 2009, wat scho ganz héich war -, do gesäit een och, wéi eng Prioritéit mer an deem Beräich maachen. Prioritéit Nummer eent, och am Budget 2011, sinn d'Schoulgebaier. 14% vun deem Investitiionsvolumen, nämlech 240 Milliounen, ginn u Schoulgebaier. Prioritéit Nummer zwee, wann ech reng d'Finanze kucken, ass d'Schinnennetz, d'Ausgabe vum Fonds du rail mat 180 Milliounen. Prioritéit Nummer dräi ass de weideren Ausbau oder d'Fäerdegstellung vun enger Rei vu grouss Stroossenachsen: 160 Milliounen. A Prioritéit Nummer véier, wann ech dat ëmmer reng chiffereméisseg kucken, ass de Beräich vun dem Waasser, d'Kläranlagen an d'Zouféierung vu propere Waasser un d'Kollektivitéit mat 92 Milliounen Euro.

Véier Beräicher nëmmen, fir lech ze weisen, wou enorm viles mam Investitiounsprogramm vum nächste Joer gemaach gëtt. An deem Budget gëtt gespuert, mä mat deem Budget gëtt schrecklech vill gemaach, gëtt schrecklech vill realiséiert, fir dëst Land weider ze moderniséieren, fir deem Land d'Liewensqualität och weider ze erhalen.

Eist Zil ass e Land, wat sech sozial an ekonomesch weiderentwéckelt, mä mat zolitte Statsfinanzen. D'Weiderentwécklung kann net op d'Käschte vun den nächste Generatione goen. Dat ass déi fundamental Konditioun, fir datt mer och an Zukunft, dat heescht a fënnf an an zéng Joer, eng Wirtschaftspolitik an eng Sozialpolitik kënnen maachen. Eng Wirtschaftspolitik, déi Aarbechtsplaze schafft. An nëmmen, wann déi Aarbechtsplaze schafft, hu mer Suen, fir och kënnen Sozialpolitik ze finanzéieren. Dat eent ouni dat anert ass net ze maachen.

Mir ginn och net op eng reng kontabel Aart a Weis un déi Thematik do erun. Mir kucken, fir datt mer gesond Statsfinanzen hunn, déi auslännesch Investisseuren op Lëtzebuerg zéien, well se Vertrauen an eist Land, och an Zukunft, kënnen hunn. Et investéiert keen an engem Land, wou enorm héich Scholde sinn a wou de Budget zu engem groussen Deel belascht gëtt duerch Zënsen a Kapital, wat muss zrëckbezuelte ginn.

Mir maachen et net, wéi Verschiddener mengen, fir an Europa den éischten an der Klass ze sinn. Mir maachen et, well mer gären hätten, datt dëst Land och eng Zukunft huet. An duerfir ass dee Schrëtt, dee mer dëst Joer gemaach hu mam Spuerprogramm, e Schrëtt an déi richtig Richtung.

Mir wäerten also weider eng virsichteg Budgetpolitik maachen, mat enger konkurrenzfähiger, sozialgerechter, leeschungsfrëndlecher Steierpolitik. Dat heescht, et kann een net alles kuerzfristeg maachen, mä et bleift, datt ee viles ka maachen.

## Sommaire des séances publiques nos 10, 11, 12 et 13

6118 - Projet de loi relative à la sécurité des jouets p. 116-120  
Dépôt d'une motion par M. Lucien Thiel p. 120-121

6135 - Projet de loi établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits liés à l'énergie et modifiant la loi du 19 décembre 2008 établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie p. 121

6203 - Projet de loi fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques et modifiant

1. la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementant l'octroi des indemnités de chômage complet;
2. la loi modifiée du 23 décembre 2004 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés;
3. la loi du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité;
4. la loi du 1<sup>er</sup> août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel

p. 122-123

6153 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2009 p. 123-125

6223 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2009 p. 125-126

Résolution approuvant les comptes de la Cour des Comptes pour l'exercice 2009 p. 126

6166 - Projet de loi portant introduction des mesures fiscales relatives à la crise financière et économique et portant

1. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
2. modification de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet;

3. introduction d'une contribution de crise et

6167 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 juin 2002

1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;
2. portant création d'un forfait d'éducation;
3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

p. 126-141

Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser p. 141

Communications p. 141

Ordre du jour p. 141

6200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2011

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget p. 141-145

- Exposé de M. Luc Frieden, Ministre des Finances p. 146-151

Eis aktuell Finanzsituatioun ass am europäesche Verglach gutt - ech soen dat nach eng Kéier -, mä se ass mëttelfristeg, wa mer géifen esou weiderfuere, no der Kris, nom Enn vum Konjunkturprogramm, net à la longue haltbar. Duerfir musse mer manner Depensé maachen, eis méi Recetten erschafen. Mir hunn dat duerch de Spuerprogramm gemaach an duerch liicht Steiererhéijungen. Mä déi liicht Steiererhéijunge bréngen eis net op en Niveau, deen iwwert dem Niveau vun den Nopeschlänner ass. Dat war en Zil, wat mer eis gesat hunn. Dat ass en Zil, wat mer agehalen hunn.

Wat kuerzfristeg politesch a sozial ka flott a populär sinn, ass net ëmmer laangfristeg dat Richtegt. Duerfir sinn Ännerungen a Reformen och näischt Negatives, mä eng Chance fir d'Zukunft vun eisem Land. An duerfir mengen ech, datt eist Land am Fong enorm vill Chancen huet, well mer

kleng sinn, well mer kleng a reng sinn a well mer kënnen doduerch schnell handeln, mä net, wa mer einfach op deem sëtze bleiwen, wat mer hunn, a soen: Mir brauche keng Ännerungen ze maachen!

Duerfir hoffen ech, datt mer d'nächst Joer kënnen, ouni ze streiden oder no engem demokratesche Sträit, déi Reforme maachen, fir an deene Beräicher, déi ech versicht hunn, haut ze indiquerien, wou ech eng Rei vun Iddiën mat an d'Debatt geworf hunn, fir op deem Wee kënnen d'Zukunft vun eisem Land ze molen.

Et bleift fir mech, datt de Budget 2011 e grouss Schrëtt vun enger zilorientierter Politik vu gesonde Statsfinanzen ass mat enger staarker Sozialpolitik, engem héijen Investitiionsvolumen an enger fairer, akzeptabler Steierpolitik. An duerfir bieten ech lech, am Numm vun der Regierung, fir deem Budget Är Zoustëmmung ze ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech ginn dem Finanzminister Akt vu senger Deklaratioun. D'Debatten iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2011 fänke muer de Moien um 9 Auer un.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um 9 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 15.54 heures)**



## Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vu 19:00 Auer un

d'Chamber online op

**www.chd.lu**